


# Ellergronn

Zwee Kilometer südlech vum Stadkär vun Esch-Uelzecht läit de **Naturschutzzentrum Ellergronn**, agebett tëschent Bësch an Dréchewisen am Naturschutzgebitt mam selwechten Numm.

Hei trëfft alles openeen, wat de Räichtum vum Lëtzebuerger Süden ausmécht: engersäits eng divers Natur an anerersäits de Patrimoine vun der deemoleger Eisenindustrie.

Am Ellergronn ginn et nieft den naturpädagogeschen Aktivitéiten och Aktivitéiten, déi sech mat der Relatioun vu Mënsch, Natur an der Notzung vun den natierleche Ressourcë befaassen.

**Fir all Aktivitéiten am Naturschutzzentrum Ellergronn gëllt:**

- Denkt w.e.g. u gutt Schong an dem Wieder ugepasst Gezei

eller
gronn
Centre nature et forêt
Naturschutzzentrum

## Infoen an Umeldung

Forsthaus Ellergronn
L-4114 ESCH/ALZETTE

Tél: 247-56516

ellergronn@anf.etat.lu




## Natur-Rallye

Bei däser Rallye ass d'Erliefnis vun der Natur dat Wichtegst. Mat schaarfen Aen a gespëtztem Bläistëft entdecken déi Jonk wat de Bësch eis bäibrénge kann.

Niveau





Wéini?
September bis Dezember

## Herbarium

Zesumme léiere mir allerlee Planze kennen a kucke wéi een se bestëmme kann. Mir weisen iech eng einfach Approche fir är eege Planze-Schatzkëscht unzeleeën.




Niveau




Wéini?
Mee bis Oktober

## De Biergbau an d'Minnenaarbechter am Ellergronn

Niveau

7ème — 1ère

Wéini?
Ganzjäreg

Wëllt dir gär méi iwwer de Biergbau an der Minn Cockerill wëssen?

Da sidd dir bei eis richteg. Kommt an erlieft firwat a wéi d'Minnenaarbechter iwwerhaapt Minetts-Steng aus de Stollen ofgebaut hunn.

Wat eng haart Aarbecht!

## Transitioun wéini?

Wéi ass den Zoustand vun eisem Planéit? A wéi gesäit et mat de Liewewiesen an der Natur aus?

Maacht iech mam Klimawandel vertraut a realiséiert weien Impakt mir Mënschen op eis Ëmwelt hunn.

Dir kritt ee Lückentext mat an d'Ausstellung a sicht, op dräi Stäck verdeelt, no wichtegen Informatiounen iwwert Natur, Klima an … ?

Ouni Begleeder


© Malou Muschang

Niveau

7ème — 1ère

Wéini?
Januar bis Juli